

OP DE PUNKT.

November 2024



JONGLËNSTER

Mich Weber; Marco Regnery; Carole Frank; Marco Weber; Gilles Schlessler; Jean Boden; Tom Weber; Raphaël Schmitz; Fabrice Mousel; Collette Santana; Henri Felten; Gilles Emeringer; Raphaël Rippinger; Mireille Hinkel; Marc Weydert; Romain Reitz. Et feelen op der Foto: Pierre Muller; Louise Uwizeye-Ernzen; Patrick Weydert; Chris Federspiel; Chantal Saska; Patrick Gros; Annick Freimann; Steve Melan; Siu-Yin Poon

LÉIF MATBIERGERINNEN, LÉIF MATBIERGER,

D'Joer 2024 geet esou lues op en Enn an et ass un der Zäit en éischte Bilan vun eiser Aarbecht als CSV an der Gemeng ze maachen. Zesumme mat eisem Koalitionspartner hu mir eng Rei Projeten dëst Joer ëmgesat a vill Verbesserungene sinn an deenen nächste Jore geplangt.

Sou ass zum Beispill d'Schafe vun enger „grénger Long zu Lënster fir jiddereen“ eng vun eise Prioritéiten. E begrëngte Spadséierwee, deen sech vum Park Flam-mant (niewent der Gemeng) duerch de Park Borrigs (niewent der Kierch) an duerch d' "JongMëtt" (Bus-gare am Zentrum) bis an d'Laangwiss soll zéien. Déi verschidde Parke sollen ëffentlech fir Grouss a Kleng zougänglech gemaach a verbonne ginn. Mat interes-séierte Bierger wëlle mir flott Konzepter ausschaffen, déi e besonnesche Fokus op d'Biodiversitéit, eng douce Mobilitéit, Kannerfrëndlechkeet souwéi op eng kreativ Gaarden-Architektur solle leeën. Esou gréng Plaze wëlle mir och an all eisen Dierfer entwéckelen. Esou entstinn nei Méiglechkeete fir Fräizäitaktivitéiten oder fir einfach e puer gemittlech Stonne mateneen ze ver-bréngen.



Weider léiert Dir an dëser Editioun eis engagéiert Kommissiounsmembere kennen. Zéckt net si ze kontaktéiere wann Dir Froen oder Iddien hutt, déi d'Liewensqualitéit an eiser schéiner Gemeng be-treffen oder verbessere kéinten.

Mat beschte Gréiss,

RAPHAËL SCHMITZ

1. Schäfte vun der Gemeng Jonglënster
President CSV Jonglënster



Léiwe Max,

De 17. August hues du eis fir ëmmer verlooss.

Mir erënneren eis un dech als e motivéierten
Deputéierten, en engagéierte Bezierkspräsident a
virun allem als en hëllefsbereete Kolleeg deem eis
Sectioun ëmmer ënnerstëtzt huet.

Bei eisen zukünftegen Aktivitéite wäerte mir dech
mat denger jovialer Aart a Weis vermessen.

Denger Famill drécke mir nach emol
eist déifste Matgefill aus.

D'CSV Jonglënster.

MIR SCHAFFE FIR EIS GEMENG

5



6



7

11



PLAZE FIR ZESUMMEN ZE SINN

- D'Borrigsschlass an de Park (5) sinn als Monument national klasséiert. Déi zukünfteg Benotzung heivu soll an engem Biergeratelier bestëmmt ginn.
- Fäerdegstellung an Aweigung vum neien **Duerfzentrum vu Beidler**, deen an der leschter Legislaturperiode ugefaange gi war (6)
- An ëmmer méi Dierfer an eiser Gemeng ginn et elo **Versammlungs Plaze** fir déi lokal Veräiner a Bierger. Fir déi Dierfer, wou et nach keng gëtt, si mir amgaangen där ze plangen.

SCHOUL A KANNERBETREIUNG

- Erweiterung vum Jean-Pierre Welter Gebai ëm 9 **Klassesäll** (7) mat engem zousätzleche Stack - Fäerdegstellung fir d'Rentrée 2025
- **Nei Raimlechkeete fir d'Crèche** duerch d'Ëmgestaltung vun de Säll vun der Maison Relais am Jean-Pierre Welter Gebai
- **Neibau vun der Maison Relais** An der Loupescht fir 384 Kanner (10)
- Kuerzfristeg **Schafung vun 2 neie Klassesäll** zu Buer-glënster (11)

10



SENIOREN

- Nei Lokalitéit fir de **Club Aktiv Plus** “An der Lou-pesch” am Zentrum vu Jonglënster (13)
- Fir méi Sécherheet doheem: Iwwerhuele vun de Fraise fir d’Installatioun vum **Telealarm** vun den zwee Prestatairen duerch d’Gemeng

SÉCHERHEET OP DER STROOSS

- Fäerdegstellung vun der **30er Zone zu Gonnereng** (15)
- Fäerdegstellung vun der **30er Zone an der Buerig** (16)
- Séchere **Foussgänger Iwwergank** zu Gonnereng (17)
- Nei Mesuren am Agang vun den 30er Zone fir de Verkéier ze berouegen (18)”

NATUR-, KLIMA- AN ËMWELTSCHUTZ

- Eng vun de Prioritéite vun eis läit am Beräich vum Natur- Klima- an Ëmweltschutz. D’CSV huet hei am Schäfferot och dës Responsabilitéit. Als Gemeng muss mir hei mat guddem Beispill virgoen:
- Bei all eisen **Neibaute gëtt konsequent de Fokus op Nohaltegkeet an Zirkularekonomie** wat d’Materialie betrëfft geluecht. Beim Verbrauch a bei der Produktioun gëtt exklusiv op erneierbarer Energie gesat. Och eis Bestandsgebaier ginn hei no an no ugepasst.
- **D’Subventiounen fir eis Bierger** an dësem Beräich gi periodesch ugepasst an ausgebaut. Esou gëtt et elo och z.B. ee **Reparatur-Bonus** fir **elektresch Haushaltsapparater**. Och mat Aktiounen wéi der ”Energiekarawann” gi mir op eis Bierger duer fir si z’informéieren an ze sensibiliséieren.
- Bei eise **Gréngfläche** leeë mir vill **Wäert op d’Erhale vun der Bio-Diversitéit**. Eis nei Parken, wéi z.B. de Park Flammant (20), de Park beim Borrig’s Schloss, oder de Park zu Eesebuer, ginn öffentlech zougänglech gemaach an och professionell ënnerhalen.
- De Projet vu Soler fir e puer **Wandmillen** an eiser Gemeng opzeriichten ass amgaang ausgeschafft ze ginn. Hei kënnen dann och d’Bierger aus der Lënster Gemeng sech doru finanziell bedeelegen (21)





AUSBLÉCK A VERSCHIDDENES

- Neigestaltung vun der **rue de la Gare** ab 2025/2026 (22)
- Neigestaltung vun der **Haaptstrooss zu Jonglënster (fréier N11)** vun 2027 un, (23) mat méi Gréngs, méi Verkéiersberouegung a Vëlosweeër op béide Säiten
- **Neien Zentrum (Place de l'Indépendance) zu Jonglënster** op Basis vun de Resultater vun de Biergeratiieren: d'Aarbechte sollen hei 2025 ufänken (24)
- Bau vun der neier **Museksschoul an der Natur Crèche "Op Fréinen"** (25+26)

- Fir d'Sécherheet op eise Sitten ze verbessern, gëtt elo an enger éischter Phase de Chantier beim Centre Culturel zu Jonglënster 24/7 per Video iwwerwaacht (27)
- Fir dem zukünftege Wuesstem vun de Schülerzuele mat eise Schoulinfrastrukture Rechnung ze droen, ass ee Masterplang bis 2052 fir d'Sitte vu Jonglënster a Gonnereng ausgeschafft ginn.
- Mir kommen och bei der **Digitaliséierung** a bei der Optimiséierung vun eise Gemengeservicer virun. Hei wäert an Zukunft eis dëst hëllefen den Déngscht um Bierger nach ze verbessern, respektiv **Prozeduren ze vereinfachen**. Dëst ouni déi analog Offeren ze vernoléisseg.



28

JUGEND

- Duerch Zesummenaarbecht déi elo mat der **“Night Life Bus asbl”** besteet, erméigleche mir et eise **Jonke sécher Heem** ze kommen (28)
- Wéi am Koalitiounsaccord festgehalen, soll eis Jugend fir hir **erreechte Resultater belount** ginn. Dofir wäerte mir ee Konzept ausschaffen, wéi mir dëst fair a gerecht gestalte kënnen.
- Eng nohalteg, international a kulturell Weiterbildung vun eiser zukünfteger Generatioun läit eis um Häerz. Dofir wäerte mir een **eemolege finanzielle Subside fir en Interrailticket** erméiglechen.
- De **Subsideschlëssel fir d’Veräiner** wäert och an Zukunft gegebenfalls ugepasst ginn. Dëst mat engem Schwéierpunkt am Beräich vun der Jugendarbecht.

D’CSV Jonglënster mat all sengen engagéierte Memberen, sengem Verrieder am Schäfferot a senge Gemengeréit mécht säi Bescht fir datt an eiser Gemeng déi héich Liewensqualitéit erhalte bleift, respektiv nach ausgebaut gëtt. Wann dir hei Froen, Iddien, Input oder Doleancen hutt, sot eis Bescheed.



COMMISSIONS CONSULTATIVES



MICH WEBER

SPORTS- A JUGENDKOMMISSION

Mich Weber (Sekretär), Chris Federspiel



CHRIS FEDERSPIEL

LOYERSKOMMISSION

Tom Weber



TOM WEBER

KOMMISSION FIR CHANCËGLÄICHHEET, SENIOREN AN ACCESSIBILITÉIT

Tom Weber (President), Carole Frank



CAROLE FRANK

NATUR- KLIMA- AN ËMWELTKOMMISSION

Jean Boden (President), Philippe Trierweiler



JEAN BODEN

COMMISSION DE LA SANTÉ, DES AFFAIRES SOCIALES ET DU BIEN-ÊTRE

Fabrice Mousel (President), Mireille Hinkel-Tadaszak



PHILIPPE TRIERWEILER

COMMISSION DE LA CULTURE ET DU PATRIMOINE CULTUREL

Karina Abdelkader (Sekretärin), Raphaël Rippinger



FABRICE MOUSEL



MIREILLE HINKEL-TADASZAK

COMMISSION DE L'URBANISME, DE LA MOBILITÉ ET DE L'AMÉNAGEMENT COMMUNAL

Gilles Emeringer, Gilles Schlessen



KARINA ABDELKADER



RAPHAËL RIPPINGER

COMMISSION DES FINANCES ET DE CONTRÔLE

Marc Weydert (Sekretär), Heng Feltgen



GILLES EMERINGER



GILLES SCHLESSER

COMMISSION COMMUNALE DU VIVRE-ENSEMBLE INTERCULTUREL

Gilles Schlessen (President), Jean Boden (Délégué CC)

KLIMA-TEAM AN NATURPAKT TEAM

Raphaël Schmitz (Klima-Schäffen), Gilles Schlessen



MARC WEYDERT



RAPHAËL SCHMITZ



HENG FELTGEN

EIS VERTRIEDER AM SCHÄFFEN- A GEMENGEROT



RAPHAËL SCHMITZ

1. Schäffen



TOM WEBER

Conseiller



JEAN BODEN

Conseiller



PHILIPPE TRIERWEILER

Conseiller

ZESUMME FIR EIS GEMENG

☐ Ech wëll Member ginn / Je veux devenir membre

Numm _____ Virnumm _____

Beruff _____

Gebuertsdatum _____ Nationalitéit _____

Adress _____

PLZ _____ Uertschaft _____

E-mail _____ Tel _____

Den ____ / ____ / 2024

Äntwert un / Répondre : CSV-Generalsekretariat: B.P 826 — L-2018 Luxembourg



ENGAGÉIER DECH!
MAACH MAT!